

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2021
HA am sujet des vaccins

3

Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten

- sech bewusst, dass eng Campagne am Gaang ass, fir eeler Leit an den Heemer géint COVID 19 ze impfen;
- am Hibleck op déi Tatsaach, dass net all eelere Mënsch an engem Heem kann a voller Eegestännegkeet ofweien an decidéieren, ob hie sech wëll impfe loossen oder net, z.B. am Fall vun enger Demenz;
- iwwerzeegt, dass et keng Ofstrécher um Prinzip vun der Fräiwëllegkeet bei Impfungen dierf ginn an dat d'Rechter vun all Mënsch mussen respektéiert ginn,

fuerdert d'Regierung op

- sécher ze stellen, dass och d'Leit an den Heemer kënnen ouni Drock a gutt informéiert eegestänneg decidéieren, ob si sech wëllen impfe loossen oder net;
- dass net gewëssen Aktivitéiten, wéi z.B. kënnen Besuch ze empfänken, dovun ofhängeg gemaach ka ginn, ob eng Persoun sech wëll impfe loossen oder net;
- an den Heemer nëmmen Impfstoffer ze benotzen, déi och fir eeler Leit getest goufen, a bei deenen ee kann no beschtem Wëssen a Gewëssen dovun ausgoen, dass si keng disproportionéiert Niewewierkungen op déi Kategorie vun eelere Mënschen hunn;
- an deene Fäll, wou e Mënsch net méi fir sech selwer decidéiere kann, ob hie wëll geimpft ginn oder net, déi Decisioun net einfach enger Institutioun ze iwwerloossen, mee eng Vertrauenspersoun vun dem betroune Mënsch ze consultéieren, déi säi Wëlle kennt an dee ka vertrieden.



Jeff Engelen